Lëtzebuerger

# duerf

fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

# „Du awer géi hin a verkënneg dem Härgott Säi Räich!" (Lk 9, 60)

Léif Frënn, fir dëst Zitat aus dem Lukasevangelium hunn sech de Charles Bremer an de Ricardo Monteiro entscheed, zwee jonk Männer, déi sech duerch d'Priisterwei, den 29. Juni, ganz an den Déngscht vu Gott, der Kierch an de Mënsche stellen. Ech fannen, et ass en zentrale Gedanken, deen si sech fir hir Priisterwei an hir éischt feierlech Mass, d'Primiz, erausgesicht hunn. Wa mer äis de Passage, aus deem zitéiert gëtt, méi genau ukucken, da fanne mer e puer Charakterzich vun der Berufung zum Priister. Wat mengen ech domat?

Fir d'éischt ass ze betounen, datt dee Mënsch, deen zum Priister beruff ass, a sengem ganze Mënschsinn beruff ass. Net nëmmen en Deel, ma de ganze Mënsch steet am Mëttelpunkt, säi Kierper, säi Geescht a seng Séil. De Mënsch gëtt vu Gott mat all senge schwaachen a staarke Säite beruff, ass et dach Gott selwer, deen de Mënsch erschaf an en esou natierlech kennt. Gott berifft bestëmmte Männer mat bestëmmten Donen zu bestëmmter Zäit a Säin Déngscht. Liese mer am Lukasevangelium weider, sou betount de Jesus, datt et wichteg ass, eng kloer Entscheedung ze huelen. „Jo, vläicht, emol kucken, emol waarden...", dat bréngt een net weider. Natierlech ass et wichteg sech Zäit ze huelen, iwwert seng Berufung nozedenken, ze bieden, sech duerch e Spiritual begleeden ze loossen, ma dach kënnt de Moment, wou eng kloer Entscheedung verlaangt gëtt, eng Entscheedung, déi ee souzesoe mam Häerz, mam Mo a mam Kapp gläichzäiteg trëfft, am Vertrauen, datt Gott Säi Geescht schenkt, fir äis op eisem Wee ze begleeden.

Wann e Mann sech beruff fillt a Jo zum Härgott seet, dann ass et wichteg, datt de Weihekandidat sech ganz Gott uvertraut, sech Him schenkt. De Priister lieft net fir sech eleng. Wuel ass hien net bestuet, ma dach lieft hien a Bezéiung, eng Bezéiung mat Gott, déi gefleegt wëll ginn. Ech denken ech muss net betounen, datt grad d'Gebiet, d'Feier vun der Eucharistie an d'Liewen an der chrëschtlecher Gemeinschaft, eng wichteg Positioun am Liewe vum Geeschtlechen hunn.



„Du awer géi hin a verkënneg dem Härgott Säi Räich!", dat ass déi zentral Aufgab vum Priister. Dem Mënsch déngen, en do ofhuele wou e steet, e mat senge Suergen, senger Nout, senger Freed, senge Froen a Gedanken akzeptéieren a begleeden, him déi Gutt Noriicht verkënnegen, datt Gott Léift, Barmhäerzegkeet, Trouscht a Fridde bedeit. Wéi wichteg ass et grad an eiser heiteger Zäit, de Mënschen e Kompass fir d'Liewen ze schenken, e Kompass, deen d'Bibel ass! Wéi kraaftspendend ass et mat de Mënschen d'Sakramenter ze feieren, déi Momenter, wou Gott äis ganz konkret uschwätzt a begéint. Wéi néideg ass et de Mënschen en Hiert ze sinn, een dee sech ëm se këmmert a se net eleng léisst. Dobäi sinn natierlech all déijéineg gemengt, déi hire Glawe praktizéieren, ma virun allem heescht et awer och sech ëm déi këmmeren, déi net an d'Kierch ginn an déi Schwieregkeeten am Glawen a mam Glawen hunn.

Léif Leit, mir sinn äis eenz, datt et net „dat" Priisterbild gëtt, ma all Geeschtlechen huet seng Stäerkten a seng Schwächten. Jidderee soll op seng Aart a Weis, mat deem Don, deen den Härgott him geschenkt huet, versichen, d'Evangelium ze verkënnegen. Authentizitéit ass do natierlech e wichtege Begrëff, well nëmme wann de Geeschtlechen säi Glawen authentesch lieft a sech fir Gott, d'Kierch an d'Mënschen asetzt, kann e verstane ginn!

Léiwe Charles, léiwe Ricardo, vertraut lech ganz Gott un a sidd offe fir all Mënsch, dee Gott lech op de Wee schéckt! Hien ass et, deen lech de Wee weist a deen lech an Ärem Déngscht leet a begleet! Mir all begleeden lech am Gebiet a wënschen all Gutts fir Är Zukunft am priisterlechen Déngscht.

***Abbé Romain Richer***

*Im Rahmen der Umweltwochen des Mouvement Ecologique und OekoZenter Pafendall*

# Das Leben im Boden und im Kompost

*„Mein Regenwurm heißt Karl-Heinz!"*

Unter dem Motto „Hurra mein Garten lebt!", trafen sich am Samstag, den 11.05. kleine und große Naturforscher bei der Bio-Gärtnerin Thessy Klein in Beckerich. Zunächst erklärte Frau Klein wie Boden überhaupt entsteht. Vor langer, langer Zeit war dort wo jetzt Kartoffeln, Karotten und Co. wachsen nur blanker Stein, Sandstein um genau zu sein. Über viele Jahrhunderte zerbröckelte der Sandstein wurde zu Sand und später zu Lehm. Pflanzen begannen zu wachsen, ihre Blätter fielen auf den Boden und wurden von Bodenlebewesen mit dem Lehm vermischt.



Bio-Gärtnerin Thessy Klein bei ihren Erläuterungen zur Entstehung des Kompostes

Das Gemisch aus Lehm und Humus ergab einen fruchtbaren Boden auf dem heute Salat, Knoblauch, Kartoffeln, Radieschen, Tomaten, Kräuter und viele andere alte aber auch exotische Gartenkulturen angebaut werden. Gedüngt wird hauptsächlich mit Kompost. Daher ging es auch direkt zum nächsten Komposthaufen. Nach anfänglicher Skepsis gegenüber den Kriechtieren, insbesondere den Spinnen, griffen die Kinder beherzt zu, zogen Pflanzen aus dem Komposthaufen und schütteten die Erde in einen Eimer, um sie später zu untersuchen. Regenwürmer, Kellerasseln, Spinnen, Fruchtfliegen, Engerlinge und alles was sich sonst noch bewegt wurde in Lupengläser gepackt und genauestens untersucht. Dabei wurde nicht nur die äußere Erscheinung beschrieben und die Funde in die verschiedenen Insektenkategorien unterteilt, sondern auch das Verhalten der Tiere genau beobachtet. „Wehe du frisst meine Spinne!", ermahnte ein kleiner Junge seine Kellerassel und schüttelte sein Lupenglas. Glücklicherweise ist die Kellerassel aber gar kein Räuber sondern ernährt sich von abgestorbenem organischem Material, also z.B. von den Pferdeäpfeln, die auf dem Kompost lagen, in dem sie gefunden wurde.



Alles was sich bewegt wurde genauestens von den Kindern in den Lupengläsern untersucht

Doch was zählt überhaupt alles zum organischen Material und gehört damit auf den Kompost? Plastikverpackungen oder Bauschaum haben hier nichts zu suchen, da waren sich alle einig. Neu war aber für viele Teilnehmer, dass auch Pappe oder Holz kompostiert werden kann. „Wichtig ist eine ausgewogene Mischung aus feuchtem z.B. Gemüseschalen und trockenem Material z. B. Stroh, Pappe oder Holz, damit Insekten und Mikroorganismen optimale Lebensbedingungen haben und fleißig arbeiten also zersetzen können", stellte Thessy Klein fest. Das Abdecken des Kompostes mit einer Plane beschleunigt die Zersetzung, da Wärme und Wasser gehalten werden. Außerdem wird so der Verlust von Nährstoffen wie z.B. Stickstoff verhindert, der ansonsten als Gas entweichen würde. Durch das Umsetzen des Kompostes wird er belüftet. Der zusätzliche Sauerstoff fördert die Lebewesen. Kompostboxen sollten unbedingt nach unten offen sein, damit z.B. Regenwürmer durch den Boden eindringen können. Übrigens, die Verdickung im hinteren Drittel (auch Gürtel genannt) dient der Fortpflanzung des zwittrigen Wurms und ist ein Zeichen dafür, dass es sich um ein geschlechtsreifes Exemplar handelt.



Die Landwirtschaftsberaterin ging ihrerseits auf den lokalen Ölfruchtanbau ein

Kompost ist Dünger, das wurde beim Anblick der prächtigen Salatköpfe im Folientunnel deutlich. Dass diese nicht nur schön aussehen sondern auch besonders zart sind und lecker schmecken, erst recht mit selbstgemachtem Sonnenblumenöl, konnte man bei der abschließenden Verkostung erleben.

***Katharina David***

*Ökologische Landwirtschaftsberaterin*

*Conseil Européen des Jeunes Agriculteurs - CEJA*

# Generalversammlung des Weltbauernverbandes WFO in Niigata



*CEJA-Vize-Präsident Laurent Frantz am Rednerpult…*

Der Weltbauernverband WFO (World Farmers' Organisation) hielt seine diesjährige Generalversammlung vom 15. bis 18. April im japanischen Niigata ab. Der CEJA, assoziiertes Mitglied des Weltbauernverbandes, war durch Vize-Präsident Laurent Frantz vertreten. Neben den obligatorischen Punkten einer Generalversammlung stand die Einführung eines reduzierten Mitgliedsbeitrages für Junglandwirte-Organisationen auf der Tagesordnung.

In den anschließenden Rundtischgesprächen wurden folgende Themen behandelt: Klimawandel, Jugend und Frauen, Wertschöpfungskette, Lebensmittelsicherheit und Zukunftsherausforderungen, Finanzierung, Investitionen und Forschung.

An diesen Gesprächen nahmen Vertreter aus allen Kontinenten teil. In diesem Rahmen wird man sich schnell bewusst, dass es fast unmöglich ist, die Landwirtschaft dieses Planeten auf einen gemeinsamen Nenner zu bringen. Landwirte aus Afrika, die auf jahrhundertealte Arbeitsmethoden zurückgreifen und kaum Zugang zu Märkten haben, sind mit ganz anderen Sorgen konfrontiert, als jene aus den Industrieländern. Sind für die einen die Pflanzenschutz- und Düngemittel durch steigende Preise kaum noch zu bezahlen, so diskutieren die anderen darüber, wie sie diese effektiver und in geringster Menge mit Hilfe modernster GPS-Technik einsetzen können.

In der Gesprächsrunde zum Thema „Jugend und Frauen" ging Laurent Frantz auf die Position des CEJA ein. Er stellte fest: „Die Herausforderungen, vor denen ein junger Mensch in der Landwirtschaft steht, wie beispielsweise der Zugang zu Land, der Zugang zu Krediten, die hohen Investitionen in den ersten Jahren nach der Übernahme und der vergleichsweise geringe Gewinn, sind überall die gleichen. Man sollte diesbezüglich jene Junglandwirte nicht vergessen, die keinen Zugang zur Ausbildung haben."

Die Forderung des CEJA beim WFO, einen reduzierten Mitgliedsbeitrag für Junglandwirte-Organisationen einzuführen, wurde einstimmig von der Generalversammlung angenommen. Auch soll ein Vorstand für Junglandwirte im Weltbauernverband gegründet werden. Des Weiteren wird der WFO den Junglandwirten nun eine Stimme auf einer internationalen Plattform geben. Der CEJA ist davon überzeugt, dass diese Entscheidungen es dem WFO erlauben, weiter zu wachsen und sich den ständig ändernden Herausforderungen dieser Welt zu stellen.

Im Anschluss an die Generalversammlung wurde den Teilnehmern die Möglichkeit angeboten, fünf Betriebe in Japan zu besichtigen. Die erste Besichtigung führte sie zu JA Zenchu, einer großen Genossenschaft. JA Zenchu bietet den Landwirten (fast) alles an, was sie brauchen. Neben dem Verkauf von Landmaschinen und Produktionsgütern können auch Bankgeschäfte und Versicherungen über die Genossenschaft abgeschlossen werden. Des Weiteren ist JA Zenchu in der Weiterverarbeitung und Vermarktung von landwirtschaftlichen Produkten tätig. Sogar ein Netz von Tankstellen gehört zur Angebotspalette dieser Genossenschaft.

Die beiden nächsten Betriebe, die besucht wurden, sind im Gartenbau in Glashäusern




*… und mit Herrn Robert Carlson, Vorsitzender des Weltbauernverbandes*



tätig. Während sich der eine Betrieb auf den Anbau von Erdbeeren spezialisiert hat, produziert der andere Gurken.

Anschließend fuhr die Gruppe in eine Brauerei, wo der in Japan so beliebte Reiswein Sake hergestellt wird. Allein in der Region Niigata gibt es noch über 90 Brauereien, die dieses traditionelle Getränk herstellen.

Die letzte Besichtigung führte in eine moderne industrielle Anlage, wo Reis gesäubert, geschält, kalibriert und für den Verkauf abgepackt wird. Der Reis wird von Landwirten oder Genossenschaften, die den Reis nach der Ernte lagern, angeliefert und je nach Auftragslage für den Handel vorbereitet. Abgefüllt wird in allen möglichen Volumen – von der 1 Kilo Verpackung für den Supermarkt bis zum 1.000 Kilo Big Bag für die Ernährungsindustrie oder für den Export. Die abgefüllte Ware wird nicht gelagert. Es wird somit nur auf Bestellung abgefüllt. Die Firma garantiert, dass jede Bestellung binnen 24 Stunden getätigt wird.

Schlussfolgernd bemerkten die Teilnehmer, dass die Landwirtschaft in Japan – abgesehen von der Reisanlage – obwohl hoch professionell, eher klein strukturiert ist.

**Laurent Frantz**
*CEJA-Vizepräsident*

*Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l.*

# Eng nei Presidentin fir d'Lëtzebuerger Landjugend

## *D'Kim Siebenaller iwwerhëllt d'Féierung un der Spëtzt vum Jugendmouvement*

Zënter der dësjäreger Generalversammlung, déi de 5. Abrëll 2013 am Lycée Technique Agricole zu Ettelbréck ofgehale gouf, huet d'*Lëtzebuerger Landjugend* (LLJ) eng nei Presidentin an der Persoun vum ***Kim Siebenaller***.

Hir Virgängerin ***Carmen Schiltz***, déi eise Jugendmouvement zënter dem Landjugenddag 2010 gefouert huet, huet hire Récktrëtt am Nationalkomitee am Januar bekannt ginn. Duerno ass d'Kim eestëmmeg zur Presidentin gewielt an op der Generalversammlung an hirer Fonktioun bestätegt ginn.



Mat dësem Interview wëlle mir vun der Geleeënheet profitéieren, fir eise Lieser eis nei Presidentin virzestellen. D'Kim ass säit enger Rei vu Joren am regionale Landjugendgrupp Cliärref aktiv an zënterhir och am Nationalkomitee vun der Lëtzebuerger Landjugend vertrueden.

Wi d'Carmen bekannt gien hatt, datt hat säi Posten giff afgënn, an a mich eragetroden ass, fir ze froen, ob ich de Poste van der Presidentin iwwerhuale wéilt, hann ich mer natierlich meng Gedanke gemat.

| | | |
|---|---|---|
| ***Kim Siebenaller*** | gebuer, de 6. Oktober 1989 | |
| *Wunnt zu :* | Huldang | |
| *Beruff:* | schafft um landwirtschaftleche Betrib vu sengen Elteren | |
| *Fonktiounen innerhalb vun eiser Organisatioun:* | Member vun der Landjugend Cliärref: | zënter 2004 |
| | Trésorière vun der Landjugend Cliärref: | zënter 2012 |
| | Member vum Nationalkomitee vun der LLJ: | zënter 2008 |
| *Hobbien:* | Mat Kollegen an de Kino goen; wann Zäit bleift, baakt d'Kim gär; Schwammen – am Summer an am Wanter; a bei engem gudde Buch kann d'Kim gutt entspanen. | |

***Kim,***

***mir kennen dech zënter Joren als aktive Member vun der LLJ Cliärref a vum Nationalkomitee vun der Lëtzebuerger Landjugend. Deng wäertvoll Mataarbecht an deng positiv Impulser bei der Landjugend Cliärref an am Nationalkomitee wësse mir ze schätzen. Wat huet dech motivéiert, fir eng nei Erausfuerderung un der Spëtzt vun der Lëtzebuerger Landjugend unzehuelen?***

Mee, schlussendlich ass et net nëmmen eng Erausfuarderung fir mich; et ass fir mich o eng gruss ler, fir an der Spëtzt van der Lëtzebuerger Landjugend ze ston. Dat o, well mer o hokt na ëmmer vill Jugendlicher zesamme bréngen. Mer wësse jo all, datt ee nëmmen zesamme starik ass! An su well ich wegderhin de Lekt, „d'Jugend vam Land" mi no bréngen an eis verschidde Projeten wegder féieren.

***Als laangjärege Member vum Nationalkomitee vun der Landjugend hues du sécher deng Virstellungen vun deem, wat deng Aufgab als Presidentin vum Jugendmouvement bedeit?***

Ich gesënn meng Hauptaufgab dodran, di verschidde regional Gruppen an en Dësch ze bréngen an su aus der Vilfalt – di mer an deenen eenzelne Gruppen fannen – eppes Ganzes ze man.

***Bekanntlech ass d'Landjugend am Joer 1972 aus der éischter berufsspezifescher Organisatioun vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer ervirgaang. Si sollt deene Jonke vum Land, déi net méi direkt mam Baueremilieu verbonne waren, eng méi breet gefächert Palette vun Aktivitéiten ubidden an Themeberäicher vu Jugendlechen upaken, déi iwwer hir beruflech Interessien erausginn.***

***Esou stinn all Joer eng Rei vun Aktivitéiten um Kalenner mat deenen d'Landjugend sech mëttlerweil identifizéiert an déi sech iwwer eng laang Zäit bewärt hunn: de Landjugenddag, d'Landjugend-Power-Aktioun, den Dag vun der Kooperatioun, d'Bedeelegung um Pélé des Jeunes, d'Bedeelegung un der Foire Agricole zu Ettelbréck, d'Publicatioun vum Landjugend-Kalenner, ...***

***Wat bedeit et fir dech, engem Mouvement virzestoen, deem seng Memberen sech ëmmer nees bereet erklären, fir sech fir eng nëtzlech Saach anzesetzen a Verantwortung ze iwwerhuelen?***

Fir mich ass et eng gruss ler, fir an der Spëtzt van engem Mouvement ze ston, wou de Benevolat gruss geschriwwe gëtt. A wann ich op di verschidden Aktivitéite van der Lëtzebuerger Landjugend kucken, mécht et mich stolz, dat d'Leckt o hokt nach son kannen: „Hei kuckt mol zu wat d'Jugend na fähig ass!". Et héiert ee jo dacks genou: „Wat gëtt dat nëmme mat eiser Jugend?" An su wëll

ich o hei dova profitéieren, fir na eng Kéier all de Membere van eiser Landjugend Merci ze son, fir hirt Engagement.

***Wat fir eng Erwaardungen hues du un déi regional Gruppen an un den Nationalkomitee?***

Ich hoffen, datt di regional Gruppen o wegderhin su motivéiert sënn an aktiv matschaffen, séi et op regionalem oder nationalem Plang. An datt mer o su am Nationalkomitee dova profitéieren kannen, fir o wegderhin su goud zesammen ze schaffen, wi dat bis lo wor. An ich hoffen dat eis regional Gruppen o wegderhin hirt Best man, fir nei Memberen ze gewannen an si mat an d'Organisatioun anzebannen.

***Kanns du äis deng Erfahrung matdeelen, déis du bei der LLJ Cliärref gemaach hues?***

Bei der Landjugend Cliärref konnt ich o vill Erfahrunge sammelen, séi et beim Organiséiere va grusse Manifestatiounen, su wi eise Landjugenddag zu Weiswampich. Mee ewer o wi et ass, wann een zesammen als Grupp schafft a wat een domat alles bewege kann.

***Kanns du an e puer Wierder soen, wéis du d'Jugend vun haut – an am Speziellen – d'Jugend vum Land gesäis.***

Wa mer am Moment d'Tëlee aman a kucken, wat bei eisen däitsche Noperen an den Iwwerschwemmungsgegenden geschéit, da gesekt ee, wi jonk Lekt durich den Internet an déi sozial Netzwierker, wu no Hëllef gefrot gëtt, sich spontan an den Auto setzen an Honnerte va Kilometer fahren, fir de Lekt an Nugt ze hëllefen an anzepacken, wu se nëmme kannen. Et gëtt jo oft net su positiv iwwert d'Jugend geschwat, mee wann ich kucken, wat do geschéit, mengen ich datt Lekt stolz op d'Jugend van hokt kanne sënn.

***An hirer Fonktioun als Familljeministesch, huet d'Madame Marie-Josée Jacobs ëmmer nees en Appell gemaach, fir datt d'Landjugend sech nach méi opmécht, fir Jonker mat engem migrativen Hannergrond. Wéi kann dëst an déngen An ugepaakt ginn?***

D'Landjugend ass e Veräin fir jiddereen. D'Fro, ob Lëtzebuerger oder net, hat sich menger Meenung no na ni gestallt. Jiddereen, deen sich fir d'Aktivitéite van der Landjugend intresséiert an sich hei wëll engagéieren, gëtt gären an direkt als Member ageholl. Well di sprochlich Barrièren kann ee sier iwwerwannen. Et ass sëcher flott, fir su o anner Kulturen oder Gewanichten kennen ze lieren.

***Am November 2012 bass du mam Abbé Romain Richer, Nationalaumônier a President vun der ONG-D „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l." an zesumme mat Jonken aus eise Verbänn an de Burkina Faso gefuer, fir Land a Leit kennen ze léieren – awer virun allem – d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG-D konkret ze entdecken. Wat sinn – a kuerze Sätz – deng verbleiwend Andréck vun dëser Visite de coopération?***

Et wor eng ganz interessant Rees mat ganz ville flotte Momenter. A wann een dann heem kënnt an einfach kann an d'Dusch gon, ouni ze kucken ob dann iwwerhaapt Waasser do ass, da weess een, wi schwier di Lekt et do hann, fir all Dag hirt Liewwen ze meesteren an trotzdeem hann ich selten su zefridden a stolz Lekt kenne geliert.

(Mir verweisen an deem Zesummenhang op den Artikel, deen d'Kim ënner dem Titel „Auf Erkundungsfahrt in Burkina Faso" am Februar a Mäerz 2013 am Lëtzebuerger Duerf publizéiert huet. En ass och am ONG-News N° 16 / 2013 op de Säiten 11–13 ze fannen.)

***D'Kooperatiounsaarbecht an Afrika stellt jo bekanntlech zënter iwwer 50 Joer en Haaptbestanddeel vum Schaffen vun der Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer duer. Wat stellt dat Engagement fir dech duer?***

Ich fannen et flott an sënn o stolz, dat mer als Jugendorganisatioun na su en Engagement förderen. Well ich fannen et wichtig, datt o jonk Lekt gesëin, datt et o na ganz anner Liewenssituatiounen op dëser Welt gënn, wi bei eis.

***Mir soen dem Kim e grousse Merci fir dës interessant Andréck a wënschen him „Bonne Chance" an der Fonktioun vun der Presidentin. Dem Carmen soe mir e ganz grousse Merci, fir dat dräijäregt Engagement am Déngscht vun der Lëtzebuerger Landjugend.***



*Am Numm vun eise Verbänn hunn d'Presidente Kim Siebenaller (LLJ), Remy Harpes (LLJ - JB & JW) a Jeff Boonen (LJB & JW) dem Carmen Schiltz e grousse Merci a Form vun engem Cadeau ausgedréckt*

*Landjugenddag 2013*

# Mënschen an hir Kultur kennen a schätze léieren

## *Usprooch vum Kim Siebenaller, Presidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend*

Léif Éiregäscht,

Léif Frënn a Membere van der Lëtzebuerger Landjugend,

Et ass fir mich eng gruss Ier, Eech hokt hei zu Näertrich ze begréissen.

Verschidde Lekt wäerten iwwerrascht sënn, fir op dëser Plaz net eis laangjärig Presidentin, d'Carmen Schiltz, ze gesinn. Zanter 2010 stung d'Carmen un der Spëtzt van der Landjugend. Op der dësjäreger Generalversammlung huet d'Carmen hire Posten zur Verfügung gestallt, sou datt ich zënterhier d'Fonktioun van der Presidentin iwwerdroe krut.

Ich well dem Carmen deemno am Numm vun eis all mäi grusse Merci ausschwätzen, fir den Engagement am Interessi van der Lëtzebuerger Landjugend. Wi d'Carmen Presidentschaft iwwerholl hatt, hat d'Carmen sich zum Zil gesat, all eis regional Gruppen – egal wi verschidde se sënn – ëmmer ërem un een Dësch ze bréngen, fir su goud mateneen ze schaffen. Ich mengen, datt ee soe kann, dat ass dem Carmen super gelong.

Carmen, hual deemno dëse Cadeau – fir an dengt neit Haus – als Merci van äis an, fir däin Asaz am Interessi van eiser Jugendorganisatioun…

Léif Lekt,

O wann dësen Dag ganz am Zeeche vam Zesammentreffe van de Jonken aus dem ganzen Land steet, well ich mer et ewer net huale loossen, fir kuerz op eis Verbandsaarbicht – an haut am Speziellen – op d'Aarbicht van eiser ONG anzegoen.

Ich hat d'letzt Joer am November di gruss Chance, fir mat enger Delegatioun van der *Lëtzebuerger Landjugend an de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* – zesumme mam President van der ONG, dem Abbé Romain Richer, an eisem Guide, dem Marcel Scheidweiler – an de Burkina Faso ze fuaren. Mat däser Rees sollt de Membere van eise Verbänn d'Geleeënheet gebuade ginn, fir sech e Bild ze maachen, wi d'Entwécklungszesummenaarbicht ganz konkret um Terrain ausgesekt.

Op däser Rees huet de Besouch vam Kooperatiounsprojet „Centre technique de l'amélioration de la traction asine" – kuerz CTAA – eng zentral Plaz ageholl. Am Zentrum zu Imasgo kannen di lokal Baueren de fachgerechten Ëmgang mat den Ieselen an der Kassin lieren, fir su hir Aarbicht um Feld ze erliichteren an hiert Liewen am Allgemengen ze verbesseren.

O ass et dräms gaangen, datt mer eis op däser Kooperatiounsrees e Bild van der Kultur an dem Alldag van de Lekt am Burkina Faso ma konnten. Trei nom Motto: „Sech fir eng ONG engagéieren, heescht Mënschen a hir Kultur begeenen a schätzen lieren". Duerch den direkte Kontakt an duerch déi verschidde Gespréicher mat der lokaler Bevëlkerung konnte mer all vill nei interessant Andréck van dem Land an de Lekt mat heem hualen.

Su well ich o dova profitéieren, fir op eis aktuell Aktioun am Kader vam Projet CTAA hënnzeweisen: ***„100 Kassine fir de Burkina Faso"*** *(Detailer zu däser Aktioun fënnt deen Interesséierten ënnen op däser Säit)*. Mat däser Aktioun géife mer gären nach mi Baueren oder Bauerenorganisatiounen – di well Interessi gewisen han – d'Miglechkeet béiden, fir op dat wichtegt Aarbichtsgeschir zréckzegräifen.

## Merci

Wann der erlaabt, well ich elo d'Geleeënheet notzen, fir e par Lekt Merci ze son:

- Däst Joer ass d'Landjugend Uewersauer, fir d'Organisatioun van däsem Dag zouständig. Sou wëll ich dem Claude an senger ganzer Equipe Merci soen, fir hire

*Fortsetzung op der Säit 12*

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.sb.l.*

# Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso"

*Am Hibléck op d'Maximéierung vun den Erträg soll d'Aarbecht mat der Kassin fir vill Produzente vum Plateau central am Burkina Faso erméiglecht ginn.*




*Mat dem richtegen Aarbechtsgeschir (lénks d'Kassin mat der Sous-Soleuse, riets de Kieler) an den optimiséierten Aarbechtsmethoden kënnen d'Erträg vun den einfache Baueren noweislech verbessert ginn*

Zënter Januar 2008 ënnerstëtzt d'ONG de lokale Partner Association Les Mains Unies du Sahel (AMUS) bei der Ëmsetzung vum Kooperatiounsprojet Centre Technique de l'Amélioration de la traction Asine (CTAA) zu Imasgo am Burkina Faso.

Bis Dezember 2012 goufe ronn 1.000 Baueren aus deene véier *Comités Villageois de Développement* (CVD) – Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna – déi enk mam CTAA zesummeschaffen, am fachgerechten Ëmgang mam Iesel an dem Uspane vun der ***Kassin*** vu Moniteuren vum Zentrum ausgebilt.

Tatsächlech kënnt dem Iesel bei der Optimiséierung vun der Aarbecht vun deenen einfache Bauere vum Plateau central vum Burkina Faso eng maassgeeblech Roll zou. Mat Hëllef vum wichtege Schaffdéier an dem adaptéierten Aarbechtsgeschir – ***der Kassin*** – ass et dem Produzent méiglech, fir méi grouss landwirtschaftlech Flächen mat manner Ustrengung an Zäitopwand ze bestellen an noweislech gréisser Erträg op de Felder ze erwirtschaften.

D'Kassin, déi liicht ze handhaben ass, ass vun der franséischer Associatioun PROMMATA (Promotion du Machinisme Moderne Agricole à Traction Animale) entwéckelt ginn, fir deenen einfache Baueren d'Aarbecht um Feld ze erliichteren. Et ka vu lokale Schmätt hirgestallt ginn a schaaft deemno zousätzlech Aarbecht fir d'Handwierker um Land.

Allerdings ass de Basismodell (125 €) mat deem néidegen Trident (40 €) an dem Kieler (7,50 €) – wat en **Total vun 172,50 €** (~ 115.000 CFA) ausmécht – fir d'Produzenten schwéier ze bezuelen. Fir hinnen entgéint ze kommen, hunn déi Verantwortlech vum CTAA mat de *Comités Villageois de Développement* e Modell ausgeschafft, fir de Produzenten dëst Aarbechtsmaterial zur Locatioun unzebidden. De Baueren aus der Géigend vun deene véier Dierfer stinn deemno am Moment 9 Kassinen zur Verfügung, fir hir Plantatiounen unzeleeën.

Mat der ***Aktioun 100 Kassinen*** well d'ONG e weidere Schratt maachen, fir nach anere Produzenten d'Méiglechkeet ze bidden, fir op dat interessant Aarbechtgeschir zréckzegräifen. D'Material vun de Produzente vun Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna soll op 20 Stéck eropgestockt ginn a weidere Bauerenorganisatiounen – déi Interessi un de Formatiounen vum CTAA gewisen hunn – soll d'Geleeënheet gebuede ginn, fir hire Memberen eng Kassin bei Bedarf zur Verfügung ze stellen.

**Am Numm vun de Concernéierte seet de Verwaltungsrot vun der ONG-D all deenen, déi d'Aktioun droen, elo schonn e ganz grousse MERCI!**

Wann Dir dës Aktioun – an deemno déi mannerbemëttelt Produzenten am Burkina Faso ënnerstëtze wëllt – kënnt Dir dat maachen mat engem Don op ee vun de Konte vun der ONG-D *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

CCPL LU05 1111 0050 3083 0000
CCRA LU32 0090 0000 0157 8004

mam Vermierk:
***Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso"***

(Är Done si steierlech ofsetzbar!)

grussen Asaz bei der Organisatioun van der 39. Oplag vam Landjugenddag.

- Och dem Här Romain Schroeder, Buergermester an de Gemengeresponsablen va Wansler e grusse Merci, datt si sich fir d'Duerrichféierung vam Landjugenddag ausgesprosch han.
- Dësweideren well ich dem Familljeministär, deen äis all Joer nees finanziell ënnerstëtzt, van hei aus mäi grousse Merci ausdrécken.
- E besonnige Merci geet an eise Romain, den Nationalaumônier van der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer. He steet äis trotz senger viller Aarbicht ëmmer mat Rot an Dot zur Sekt.
- Op kee Fall well ich d'Madame Chantal Heuschling an de Franz Glodt aus eisem Sekretariat vergeessen. Merci fir hir Aarbicht, déi si matt vill Engagement aginn.
- Mir bleift elo nach ee Merci, an dee geet an Eech all. Et ass fir mich eng gruss Freed, datt där haut op en Neits de Wee bei d'Landjugend fonnt hatt. Ich wënschen Eech deemno e schingen Dag an hoffen Eech dat nächst Joer da fir de **40. Landjugenddag am Park Housen** op Christi-Himmelfahrt ze geseen.

# Hoffen

Menschen leben in eine offene Zukunft hinein. Sie haben nicht einfach Zukunft, sie sind Zukunft. Gerade in ihrem Handeln eröffnet sich der Raum dafür, was noch kommen wird. Denn Menschen sind frei. Ihre Entscheidungen lassen sich nicht einfach aus einer Menge von Daten ableiten. Manchmal lassen sich Vermutungen anstellen. Wenn etwa der Ausgang einer politischen Wahl „vorhergesagt" wird. Aber auch diese Prognosen können widerlegt werden — durch die Wirklichkeit, das also, was wirklich geschieht.

Die Zukunft ist daher nicht Gegenstand des Wissens, sondern der Erwartung, des Wünschens oder auch des Fürchtens. Vor allem aber bestimmt die Hoffnung den Blick auf das, was noch kommen wird. Es möge gut weitergehen, das Leben soll letztlich nicht sinnlos gewesen sein. Gehofft wird, dass allen Menschen, die einem nahe sind, das Leben glückt und gelingt.

Gleichzeitig aber ändert Hoffnung auch Gegenwart. Denn ohne Hoffnung verengt sich die Gegenwart auf das reine, das bloße, das trostlose Leben. Umgekehrt wird, solange noch gehofft wird, das Leben als sinnvoll, als lebenswert erfahren. Daher gehört es zum Menschen, anderen Hoffnung zu machen. Nicht, sie zu vertrösten, sondern ihnen einen wirklichen, einen wahren Lebensmut für das Hier und Heute zu schenken.

Hoffnung kann auch fehlgehen. Man kann falschen Hoffnungen nachgehen oder jenes, was nie der Fall sein wird, so erhoffen, als träte es bald ein. Dann schießt die Hoffnung über ihr Ziel hinaus. Dann blendet die Hoffnung. Viele politische Ideologien fußten genau darauf: auf übertriebenen, illusionären, unmenschlichen Hoffnungen. Auf Hoffnungen, die die Gegenwart einer vermeintlich goldenen Zukunft geopfert haben. Daher gilt es immer, ein Maß des Hoffens zu finden.

Auch die Liturgie ist Zeichen der Hoffnung. Alles liturgische Handeln steht in der Spannung von Jetzt und Noch-Nicht, von göttlichem Zuspruch und menschlicher Antwort. Ihr Maß findet die Liturgie in jenen heiligen Worten und Taten, die sie erinnert und gegenwärtig sein lässt und welche sie – gerade weil sie ihren Ursprung in Gott haben – menschlich sein lässt.

***Holger Zaborowski***
*CIG Nr. 23/2013*




# Hoffnungsgebet

Gott aller Hoffnung; höre unser Gebet. Wenn Geld zum Gefängnis wird: Befreie uns, damit wir das Leben wählen. Wo Reichtum zur Sucht wird: Befreie uns, damit wir das Leben wählen. Wenn das Einkommen den Wert bestimmt: Befreie uns, damit wir das Leben wählen. Wenn Armut der Unsichtbarkeit gleichgesetzt wird: Befreie uns, damit wir das Leben wählen.

Wenn die Wirtschaft die Ungerechtigkeit vertieft: Befreie uns, damit wir das Leben wählen. Wenn Geiz neue Arten der Unterdrückung erfindet: Befreie uns, damit wir das Leben wählen. Wenn die Finanzen alle Entscheidungen beherrschen: Befreie uns, damit wir das Leben wählen. Wo der Konsum das Mitgefühl ersetzt: Befreie uns, damit wir das Leben wählen.

***Keri K. Wehlander in: „Weltverbunden leben"***
*CIG Nr. 23/2013*


## *Impressum*

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

**Verantwortung:**
**Aktioun:**
*Jean-Paul Schneider* *44743-251*
*Fernand Huberty* *44743-251*

**Duerf:**
*Romain Richer* *44 743-562*
*Franz Glodt* *44 743-252*

**Druck:**
*Saint-Paul Luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*